

## Et wor emol... ('Nodenkes' 3) vum Lex Roth

...e Kanonéier. Knapps ee Lëtzebuenger kennt dat Lidd vum Dicks net oder huet et net schonn an enger lëschtger Gesellschaft mat geschmuttert. Et denken der ower och net e sëllegen drun, datt dee 'stuetse Borscht' sech ewell vrun 150 Joer um Bock erschoss huet... an datt déi Weelzer wéi déi lechternocher iwwert dem Sangen hir Sproochfaarf vergiessen... wéi iwrengs och, wann si dem Lentz säin Text vun der Heemecht sangen... en 'Ophänkert' fir eis weider Gedanken iwwer d'Lëtzebuergesch an de leschte 40 Joer.

**Wou eis Sprooch am Ufank vun de 70er Joere gestan huet**, dorwäert ass an dësem 'Artikelkalenner' ewell munneches geschriwwen ginn:

D'Lëtzebuergesch war ferm amgang ze entschlofen, besonnesch ower vum Däitschen iwwer dubbert ze ginn. Déi puer Dose méi franséisch Ausdréck hunn éischter eng Roll um gesellschaftleche Plang gespillt; dat sollt alt weisen, datt een 'éppes Besseres' wier, bëssen esou, wéi der dacks mat hire Latäin-Grimmelcher aus de 'pages roses' vum klengen Larousse dorëmmer flankéieren...

**Ëm 1960** ass d'Televisioun wéinst dem bessere Präiss méi allegemeng an d'Haiser komm; et kënn ee bal soen 'mat der Dier an d'Haus gefall'... a well déi éischt méi staark Antennen deer däitscher waren (Feldberg/Hardtkepp), guff doraus fir déi meescht Lëtzebuenger e 'Fernseh'. D'Kanner vun deemools ware geckeg mat de 'Betthüpfer' à la 'Sandmännchen' etc., mä si sinn och no an no an e Lëtzebuergesch era gerëtscht, wou ëmmer méi däitsch Ausdréck dat Natierlechst vun hirer Kannerwelt gi sinn. Net ze vergiessen, datt déi fréier Kënnercher haut eis Erwuessen an Eltere vun em déi 50 Joer al sinn... an **datt och haut nach iwwer 80 % vun de Lëtzebuenger en däitschsproochege Programm kucken!** Dat wier och en Argument dofir, datt et eng Kueberei ass, ze grangelen, d'Däitscht giff hei am Land 'vernoléisseg'.

Uganks de 60er Joeren hu mir dann och eng pur lëtzebuergesch Radiostatioun kritt: **den UKW-Kanal 18**. Bis dohinner hate mir just dem Paul Leuck seng 'Zaldotestonn' op der Mëttelwell. Den 'UKW' war eng gutt Saach, an déi Leit, déi deemools do um Mikro gesiess hunn, kann ee roueg fir hirt éierbart Lëtzebuergesch ernimmen (Léon Moulin, Pir Kellner, Margot Fritz, Nic. Weber, Micky Erpelding, Roby Rauchs, Tilly Jung asw.). E Problem guff no an no **d'Iwwersetzung vun däitschsproochege Agencën-Telex-Texter**... nach laang net jidferengem senger Saach. Et hätt misse geléiert a gepréift ginn, wéi een e puer Zeilen Däitsch an en zerguttstert Lëtzebuergesch eriwwe hëlt. Mir wëllen hei kengem op d'Féiss trëppelen, ower plazeweis war et fir Waarzelen an d'Oueren ze kréien!

Dat Gemelters huet eiser Sprooch immens geschuet, grad ewéi **Reklamtexter**, déi op e Kilometer no aremséileg iwwersatenem (geknäiptem) Däitsch gemippst hunn: do guff dann z. B. op eemol 'genaschelt', vu 'Käimueleg' geschwat; wéinst dem ganz bewosste Repetitiooneffekt vun all Publizitéit haten d'Genaschels an de Käim d'Schneekereien an d'Kéng ermëlzt! Beim Wieder war et net besser: den 'Himmel ass bedeckt' ginn, d'Luucht gong net méi zou oder op. Vum Sport huet eis Sprooch es och kritt. D'Autoë sinn elo 'géint' eng Mauer oder e Bam 'gefuer', net méi 'agerannt'. Djee: den Ugrëff op d'Lëtzebuergesch war frontal... a vrun allem hannerwänneg; dee ganze Schmorri huet sech an d'Oueren eragekruwwelt wéi e Schlëffer... och en doutgefëierleche Kriibs deet am Ufank net wéi! Dat guff domat eng vun den **Ursaache fir eng ACTIOUN Lëtzebuergesch**. Et geet virun...

## Webesch, Schmit(d)ts, Steins, Mays...

Huet dir ewell beduecht, datt mir **eng ganz besonnesch Fassong hunn, fir 'éppes' un engem säin Numm ze hänken**, wa mir vun him schwätzen. E ass e Genitiv, dee mir soss am Fong net an eiser Sprooch hunn – *weil bei uns der Dativ dem Genitiv sein Tod ist* – et ass eng grammatesch Fassong, déi et net esou am Däitschen oder op eng aner Manéier am Fransésische gëtt, just... am Engleschen. Do begéint een dat z. B. an engem Marken-Numm wéi *Kellog's/Smith's/Gordon's*, an den USA zesoen iwwer all zweeter Geschäftsdier. Mir gebrauche keen Apostroph (') bei deem 'Fall'; dat muss een am Engleschen/Angelsächseschen ower maachen, fir de (sächsesche!) Genitiv vum Plural ze ënnerscheeden.

Wann dir dorwäert nodenkt, da fannt dir bestëmmt nach aner intressant Beispiller op dësem Gebitt... déi alt erëm weisen, datt eis Sprooch wierklech **en eegent Liewe féiert = eng bestëmmten Identitéit** huet... léisst dat op eiser UniLu kal? ■ P.W.

## Da probéiert emol!

Dir kennt déi 'pauschal' Meenung, datt eis Sprooch jo nëmme 'schlecht Däitsch' wier. Mä ass iech dann ewell opgefoll, datt d'Franséisch an d'Italiénescht am Fong 'schlecht Latäin' sinn, d'Engelscht esouguer e Baaschtert vu Sächsesch, Franséisch an deem, wat mir haut 'Houdäitsch' nennen?

Knätztelt emol Sätz wéi dës am Thomas Mann seng Sprooch: *Deen huet sech net ginn, du krut en es. / Hal dech dach net drun ewéi de Geck un de Bengel. / Fuer duer a looss dech nëmmen net verkëppen. / Kuck, dass de verkënnns. / Maach lues a jauf net ze séier. / Wann eppes der Bom net geet, da schléit se duer. (net zou!) / Hien hat sech es zevill ginn, dunn ass en an d'Gettë gaang. / Fläiss dech, soss hunn déi aner alles eran. / Allez, Kim, géff em es! / Jong, du bass dolaanscht, do hues du dech gestouss!...* Mat esou Beispiller kënn mir eng ganz KLACK fëllen, esouguer e Buch domat schreiwen. Zu Stuttgart oder Leipzig giff ower keen dat kafen, well et hinnen der Betounug no zwar bekannt virkënn, ower si verstü kee Pipjeswuert dovun!

Wann dir iech wëllt op déi Fassong mat eiser Sprooch 'ameséieren', da maacht dat, a schéckt äis et op eisen 'Email' actioun.sprooch@pt.lu; mir verschaffen et fir hier an d'KLACK. Merci. ■ AL



(BILD: OLIVIER JAMINON)

## Ceterum censeo... (27)

All dat **Gemelters a Getelters rondrëm den Artikel 34 vun eiser Constitioun**, dem Grondgesetz vun eise Staat, huet wéinstens eppes Guddes: Et hunn der elo endlech vill méi matkritt, watfir eng Wichtigkeet d'Verfassung vun engem fräien, demokratesche Staat huet. Vläch och, datt 'demokratesch' soss näischt anescht heescht, wéi datt wierklech d'Vollek (demos + kratos) eleng souverän, d. h. 'meeschter' ass, also 'herrscht'. Souwäit wéi mir wëssen, huet eise sympathesche Grand-Duc mat deem Ëm- an Zoustand kee Krämpes. Gutt!

Et gëtt elo duerch **eng 'Privatinitiativ'** ower och méi klor, datt d'Vollek rechtméisseg d'Méiglechkeet huet, fir Ännerungen am Grondgesetz ze verlaangen; mä dat geet – ee Gléck! – net ewéi 'Papjemusek'... a mir hei wëllen op kee Fall, datt eist iwwer Joeren noweisbart Uleiës fir d'Lëtzebuergesch an der Verfassung do op iergend eng Fassong mat eragezu gëtt. Mir halen äis – an halen äis och virun – un deen normalen, rouege Wee: d'Chamber, de Staatsrot an d'Regierung!

Natierlech wësse mir ewell laang, datt sech iwwer elektronesch Medien an aner Méiglechkeeten esou munneches geng 'knätzele' loossen; **mir verlossen äis ower an eise demokratesche Vertrauen op d'Verstännegkeet** vun eise gewielte Verrieder. Loost mer just hoffen, datt d'Thema 'Sprooch' keng Ursaach fir klengkaréiert parteipolitesch Zermeschiere gëtt. Dofir ass äis 'd'Lëtzebuergesch an der Constitioun' ze schued! ■ L.R.

## Séier gutt... brauch net laang!

Heinsdo ass et gutt, wann een drun erënnert gëtt, duerch wat eis Sprooch sech vum Däitschen op eng Manéier ënnerscheet, déi dacks verwonnerlech ass: **Mir gebraucheng Onmass Wierder, déi et och am Däitsche gëtt, ower an enger anerer Bedeitung**. E bekannt Beispill ass 'séier'; dat huet bei äis ëmmer mat 'Vitesse' ze dinn (séier lafen / fueren / rennen / schwätzen)... **'schnell'** ass am Lëtzebuergesch ongefëier esou koppeg, wéi wann een op däitsch giff soen, 'der ist aber sehr gefahren'. Am Däitschen ass 'sehr' dat, woufir mir 'ganz' huelen (sehr schön / weit / gut / bedeutend) = *ganz schön / wäit / gutt / bedeutend*... ganz klor en Theme-Gebitt méi fir eng wëssenschaftlech Diplomaarbecht.

Wien elo mengt, et giff ower Leit, déi eppes 'séier gutt' fannen... da sinn déi am Lëtzebuergesch 'dolaanscht'. Iwwersetzt dee leschte Saz iwrengs och emol op Däitsch... Gell, do hu mir 'EISES' erëm; *laanscht/dolaanscht* gëtt et nëmmen an eiser Sprooch! **An eise Virwëtz-Buch 'EISES', fannt dir deer Beispiller kéipweis**... d'Buch selwer **fir e puer €** an ärem Bicherbuttek... oder op eisen Adressen. ■ P.W.

## wat e Gepechs!

Zënter datt den Czugas Luss an de Leinesch Roger dës 'Agenten' op de Greef huelen, ass de **'Pechert' – als Substantiv en neit Wuert – e Begrëff fir all Lëtzebuenger**... d'Plakatepecherte vun den nächste Méint huele mir da mat an dës kleng Grimmeleien eran... ower ee 'vun dëisäit' kann näischt domat ufänken! D'Verb 'pechen' huet dem 'kleben/Kleber' am Däitschen definitiv d'Plaz gelooss. 'Pech' selwer gëtt nach just als 'malchance' gebraucht.

Dem gudden Kréimesch Pir säi gekachte Kéis giff do iwwer och alt net 'pechen', an et kritt emol keen d'Fanger 'pecheg' dovun; äis schmaacht dat 'schmantegt gutt Gefréiss' ower nach ëmmer prima... souguer wann et kee Lëtzebuenger Unikum ass.

Wann dir engem **eng klaakt, eng an de Bak gitt, eng wéitscht, eng flätscht... da kënnst dir och soen, et wier 'eng ginn' an dir hätt deem eng ferm gepecht**... e Bewäis méi, datt eis Sprooch esou knatzeg aarm ass, gelldir ☺. An dann: ganz bestëmmt huet dir ewell engem eng (Lige) 'gepecht', et sief dann, dir gengt behaupten, dir hätt him eng **gekréckelt**... wat an eiser 'kleesperer' Sprooch genee datselwecht ass. ■ H.M.

## Eis GENERALVERSAMMLUNG

Samschdes, de 4. Abrëll / 15.00 Auer 'um Dierfgen' an der Stad (6, rue d'Eich)  
Wéi ass et mat Ärer Cotisatioun?

## déi guffe 'gelanert'!

Typesch 'EISES', esou wéi dir dat dausendfach an eise Buch (mam selwechten Titel) ze kafe kritt. Wann een haut um Mikro héiert, eng Bank hätt **eng onvermeidbar schmärerzvoll Entloossung virgeholl**, da kënnst een net dolaanscht (an net: *doru verbäi!*), och e bëssen un d'Faillite vun eiser Sprooch bei deenen ze denken, déi net emstand sinn, sech eng Grimmel Suergen dofir ze maachen.

Wéi wier et dann, wann een einfach (riichter aus!) geng soen: *déi Bank ass net dolaanscht komm, eng Partie vun hire Leit ze lanteren*... dann hätt ee wéinstens dem Lëtzebuergesch en zerguttsterten Dëngscht geleescht, an et geng ewell zu Frankfurt keen et méi verstoen. Leider giff dat zwar deene gudden Leit näischt bréngen... a vum Mikro gëtt souwisou kee fir säi Sproocharmutt... gelanert. Dat wëllt jo och keen, gelldir. ■ AL

## de Brautra(é)nk...

deer Wierder eent, wou mir net drun denken, wéi extra Lëtzebuergesch dat ass! E 'Brautring' gëtt et am Däitschen net (Ehering!), a mat engem 'anneau de mariage (alliance!)' fänkt keen am Franséschen eppes un. A wéi ass et mat aneren Ausdréck op deem Gebitt? Mam Bräitchemann? Mat der Virbräitchen... fir eppes, dat et hei ganz normal ginn ass, huet eis Sprooch ganz normal en Ausdréck, also eng Identitéit. Ass dat net 'wëssenschaftlech' genuch, fir sech emol drëm ze bekëmmern? Am Verglach mat 'Phonologie' an esouguer Orthographie giff et kéipweis méi bréngen! ■ M.V.